# LJBM-SCHÜLER ENTDECKEN KOPENHAGEN & MALMÖ

Am Kader vun enger ganz flotter Klasserees kruten ons Schüler vun der T3GC3, vum 31. Mäerz bis zum 4. Abräll 2017, Geleeënheet fir Kopenhagen an d'Emgéigend kennenzeléieren. D'Schüler waren an der Begleedung vum Romy Karier, Christian Cornette an André Wildschutz.


Mir sinn all ganz beandrockt vun der héijer **Liewensqualitéit**, déi Kopenhagen ubidd. D'Haaptstad vun Dänemark ass och d'Haaptstad vum Vëlo. Dänen sinn ons doranner ee ganz grousse Schratt viraus. Am Zentrum vu Kopenhagen ass de Mënsch am Mëttelpunkt an net den Auto. Mir hunn dat genoss, entspaanten MOBILITÉIT schreiwen mir dofir och grouss. Dat skandinavescht Fréijoer war pünktlech op onsem Rendez-vous a mir konnten esou all ons Entdeckungen super genéissen. Déi exzeptionnell schéi Lag vu Kopenhagen um Waasser hu mir all Dag genoss an energetesch dovunner profitéiert, bei enger Bootsfahrt duerch d'Kanäl, zou Fouss laanscht d'Ufer oder iwwert déi verschidden al-historësch an nei-modern Foussgänger- an Vëlosbrécken, mam Vëlo **« urban bicycle culture »** laanscht den Amagerstrand, schwammen am Øresund-Mier, fir déi ganz couragéiert Schüler, oder op der Visite vum weltbekannten Louisiana-Museum of Modern Art (www.louisiana.dk) zu Humblebaek mat séngem Skulpturen-Park a senger schéiner Panorama-vue op déi gréng Küst.





Zu Malmö a Schweden, wat mir vu Kopenhagen mam Zuch iwwer d'Øresund-Mier erreecht hunn, si mir dem Architekt Santiago Calatrava säin Turning Torso (www.turningtorso.se) besiche gaangen. Dëst neo-futuristescht, ikonescht an energie-effizient Héichhaus ass mat sengen 190 m dat héchst Gebai a Skandinavien. Eng ganz gutt Panorama-vue op Malmö hate mir beim « verre de l'amitié » an der « Skybar Malmö Live » op 85 m.







Super Spaass hate mir och op de verschiddenste Spillplazen an Outdoor-Fitness-Statiounen fir Grouss an Kleng, déi een a ganz Kopenhagen zréckfënnt.

**Copenhagen Streetfood** (www.copenhagenstreetfood.dk) ass eng flott Adress an der aler Papeierfabréck um Bord vum Waasser mat insgesamt 39 verschiddenen *food stalls, food trucks, containers and bars*. Do ass fir all Gusto eppes dobäi.





Mir sinn och faszinéiert vun där zäitgenëssescher dänescher Architektur a besonnesch vun deenen zukunftorientéierten an innovativen Wunnengsbauléisungen.

Mir si komplett begeeschtert vum jonke Bjarke Ingels (www.big.dk) senger kreativer Wunnengsarchitektur vum 21. Jorhonnert. Ganz besonnesch gefalen ons seng **Vertical-Suburbia-Projeten** éwei « The Mountain, The VM Houses » an « 8 Stallet ». Mir kënnen jidwerengem, deen um Wunnengsbau interesséiert oder matresponsabel ass, wäermstens uroden, dës exemplaresch Projeten z'erliewen.

Mir ënnerschreiwen dofir och dësen Artikel mat dem Slogan

**YES IS MORE**.

*André WILDSCHUTZ – 05/2017*